**Evangelium vum 31. Sonndeg am Joreskrees (Joer C)**

**Lk 19,1-10**

1 De Jesus ass zu Jericho ukomm an ass duerch d'Stad gaang.

2 Do gouf et e Mann, deen Zachäus geheescht huet; hie war den ieweschte
Steierandreiwer, an hie war räich.

3 Hien huet probéiert, de Jesus ze gesinn, a wollt kucken, wien dat wär, ma well
esou vill Leit do waren, ass et him net gegléckt – hie war nämlech kleng.

4 Dunn ass hie virgelaf an op e Molbierfigebam geklomm, fir de Jesus ze
gesinn, well deen do laanschtkomme sollt.

5 Wéi de Jesus op déi Plaz komm ass, huet hien eropgekuckt a sot zu him:
"Zachäus, klamm séier erof! Haut muss ech bei dech heemkommen."

6 Den Zachäus ass séier erofgeklomm an huet de Jesus voll Freed bei sech
opgeholl.

7 Dunn hunn all déi, déi dat gesinn hunn, gegrommelt a soten: "Bei engem
Sënner ass hien agekéiert!"

8 Den Zachäus awer ass dohigetratt a sot zum Här: "Kuck, Här, d'Halschecht vu
mengem Verméige ginn ech deenen Aarmen, a wann ech eppes vun engem
erpresst hunn, da ginn ech him et véierfach erëm."

9 De Jesus sot zu him: "Haut ass fir dëst Haus d'Rettung komm – och hien hei
ass jo e Jong vum Abraham.

10 De Mënschejong ass nämlech komm, fir ze sichen an ze retten, wat verluer
war."

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*